

	<h1>Info - Blat</h1>	No 29 Dezember 2019
1933 – 2008 75 Joer Amicale	Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique Privé Emile Metz asbl	www.amicale-ltpem.lu amicale@amicale-ltpem.lu

Léif Memberen a Frënn vun der Amicale

Et ass erëm esou wäit : bei villen Haiser blénken nees Chrëschtlichten, d'Geschäfte si voll vu Chrëscht-Kaddoen, -Gebäck, -Kleeder a.s.w. Chrëschttag a Silvester stinn also virun der Dir. A mir notzen d'Geleeënheet iech an ärer Familljen schéin Chrëschtdeeg, e gudde Rutsch an all Guddes fir dat neit Joer ze wënschen.

~~~~~

## Wichtig Datumen :

**Mëttwoch, den 22. Januar 2020 um 19.00 h Generalversammlung**

Eng Aluedung mat den Einzelheeten kritt dir nach am Januar zougeschéckt. Mir wäire frou iech a grousser Zuel kënnen ze begréissen.

**Samschdes den 21. Mäerz 2020 vun 13.00 – 17.00 h Porte Ouverte.**

Hei zerwéiere mir Cremant.

**Samschdes den 16. Mee 2020 vun 09.00 – 15.30 h Porte Ouverte.**

Dësen Dag sinn eis Eisekuchen um Programm.

~~~~~

Aktivitéiten 2018 - 2019 :

11. Juli 2019

Diplomiwverreechung zu Walfer.

Och dëst Joer huet d'Amicale bei dëser Geleeënheet engem « élève méritant » e Präis iwwerrecht.

De Junker Yan vun der DP3MM (Mécanicien de Maintenance) huet dëst Joer de Chèque vum President Alphonse Bressanutti iwwerrecht kritt.



10. Oktober 2019 Visitt vum War Museum zu Baaschtesch.

Mir waren zu 17. Vun der Schoul aus Depart mam Bus um 8.30 h. Géint 10.00 h Arrivée zu Baaschtesch. Mir kruten Kopfhörer, an esou konnt jiddereen d'Visitt no senger Vitess maachen.

Dëse Musée befaasst sech mat der Geschicht aus dem 2. Weltkrich an der Belsch vum September 1939 bis an den Hiecht/Wanter 1944 mat Schwéierpunkt, wéi mir zu Lëtzebuerg soen, d'Rundstedtoffensiv.

Dréi multisensoriell Inzenéierungen zitt de Visiteur an eng realistesch Erfahrung. Eng éischt Zee weist d'Alliéierten am Hauptquartier 1944 a Südingland. Déi zweet si mir um Rand an engem Ardennerbësch, den och am Éislek kennt sinn. Hei erliewe mir Krichszeenen.



Bei déier drëtte ass de Visiteur an engem Café an duerno am Keller an dobaussen explodéieren Granaten. Dekoren, Liewensgeschichten Multimedia-Installatiounen a Filmer erënneren dem Visiteur dës schrecklech Period mat dem Wonsch, dass dës Zäit ni méi soll erëmkommen.

Eng ganz interessant Visitt déi ze recommandéieren ass.



Neies aus der Schoul :

Eis Schoul, Eisen Lycée stellt sech den neien Erausfuorderungen. Op den 7e starten mer mat iPads. Nodeems mer schonns 2017 an den Sciencen (Bio-Chemi-Physik) iPads agefouert haten, kritt elo all Schüler op 7e säin eegenen iPad. Sie bezuelen 50€ pro Joer, no 4 Joer Joer ass et hiren. Den September hunn mir mat intensiven Formatiounen fir eis Enseignanten, domadder ugefaangen. Eisen Schüler hunn mer se eréischt no Allerhellegen ausgedeelt. Eis 7e Säll sinn nei installéiert ginn, PCen eraus, AppleTV an groussen Ecran eran. Netzwierek drohtlos, dat war (ass) eng Erausfuorderung. Ouni Ënnerstützung vun den staatlechen Servicer war dat eng gewaltig techesch Teamleeschtung, vun allen Bedeelegten am Emile Metz. Och Cyberattacken op eisen Firewall bleiwen eis net erspuert. Elo awer genuch geklot, et leeft all Dach besser.

Jiddereen schwätzt vun STEM an vun MINT (Mathe, Info, Naturwëssenschaften an Technik). Elo sinn mir déi éischt Lëtzebuerger Schoul déi den Certificat *MINT freundliche Schule* zu BERLIN ugefrote huet an virun 2 Wochen zu Saarbrécken iwwerrecht kritt hunn. Dat stellen mer deemnächst ganz grouss vir. MINT dat heescht Fachiwwergräifend an no baussen vernetzt schaffen. Projekter vun der Idee iwwert plangen, probéieren, bauen, kontrolléieren an bewäerten, ganzheetlech mat sengen Schüler duerchzéien. Do kennen all Fächer vun enger Klass agebonnen gi. Do kann een och eppes mat méi Klassen zesummen realiséieren.

Mir hunn keng nei Energie-Elektroniker als Techniker méi. Déi Sektoun ass lues an lues ausgeblutt an ass elo ersat gin duerch Smart Technologie. Dat wëllt jiddereen gärén machen. Do hunn sech méi Kandidaten gemellt wéi mir Platz hunn. 27 sinn der do ageschriwwen. Méi wat ass dat iwwerhaupt? Ganz einfach, dat ass en Techniker deen sech an der Elektrotechnik auskennt an säin éischt Handwierksgeschier ass den Computer. Des Schüler kréien en Laptop (80€/Joer) an no 4 Joer ass et hiren. Dësen müssen se selwer konfiguréieren an an der Reie halen, mat Hëllef vun hiren Infos-Proffen. Op des nei Formatioun kommen ech sécher nach eng Keier zeréck, fir Iech nach weider Detailer matzedeelen. Op den PorteOuverten gëtt et richteg interessant bei se kucken ze goen.

Eis Mechanik huet awer och net geschlof. Dëst Joer hunn mir eng Ofschlossklass um Techniker. Dofir hunn mir 2 weider CNC-Maschinen an Betrib geholl an den ganzen B01 ëmgebaut och nei Vestiären, Noutausgänge, Diren an Feierdiiren sin an dem BCD (blo-gro) Gebei agebaut ginn.

Eis Englesch Klassen bauen sech weider aus an der Informatik an an der Mechanik. D'Nofroe ass grouss, den BREXIT bréngt eis nach méi Schüler.

Bei eisen Schräiner hunn mer net esou vill geännert, déi sollen deemnächst plënnere an nei Raimlechkeeten. Jo mir wëllen, nee mir müssen eis vergréisseren hei zu Dummeldeng. E neien Beruf gët ausgeschafft, de Plasturgien. Mir hunn grouss Pläng an et gesäit gutt aus dat mer nächst Joer domat weider kommen.

Et mecht mer richteg Feed, mat villen Technik Begeschterten Enseignanten an Schüler eisen Lycée Emile Metz weider ze brengen. An der Directioun huet den Streffen Yves den Jang als Attaché ofgeleist, den Jang wëllt an seng verdingten Pensioun.

Mat beschten Gréiss

Theo Thill

Noruff :

De 14. Juli 2019 ass den Här Hilbert Charel am Alter vun 80 Joer verscheet. Den Hilbert's Charel war vun 1954-1957 am Institut an huet Dréierhandwierk geléiert. Laange Joren huet hien zu Diddeleng am Zentralatelier als Dréier geschafft. Op Grond vun Restrukturierung war hien déi lescht Joren vu senger Aarbechtszäit zu Schëffleng. Mir wäerten den Hilbert Charel a gudder Erënnerung behalen.

~~~~~

## Léif Memberen :

Informéiert eis w.e.g. iwwert eventuell « Changement d'Adresse ». Bei all Courier kréie mir Bréiwer zeréck mat der Remark, dat déi Persoun net fonnt gouf. Schued !

Oder wann dir eng E-Mail Adress hutt, dann deelt eis w.e.g. déi mat. Dir kritt dann de Courier op är E-Mail an esou spueren mir Pabeier, Timberen an Zäit.

Eis E-Mail Adresse ass : [amicale@amicale-ltpem.lu](mailto:amicale@amicale-ltpem.lu)

~~~~~

Schéi
Feiredeeg



Weekräiz um Hënsdrffer Bierg mat Spuren aus dem Krich